



# Kabaret Sténkdéier mam Stéck «NEGATIV»

Regie & Texter: Roland Meyer

**Samschdes, 19. Februar 2022**  
um 20.00 Auer am Centre culturel  
Turelbaach zu Mäerzeg  
Entrée: 20 €

D'Plaze si limitéiert.

Op Umeldung bis den 14. Februar 2022  
via Email: [inscription@mertzig.lu](mailto:inscription@mertzig.lu)  
oder Tel.: 83 82 44 - 1 (Büroszäiten).

Fir lessen a Gedrénks ass gesuert.  
Et ass een Covid Check Evenement.

[www.stenkdeier.lu](http://www.stenkdeier.lu)



Et spillen

Irène Zeimes

Claude Faber

Luc Schumacher

Conny Braquet

Musek  
Camille Nanquette



## Negativ ass den neie Positiv!

Loosst lech net mat positive Leit an, well dat kéint schlecht ausgoen! Nëmme Kontakter mat Negativen, dann hutt Dir alles ënner Kontroll.

De Virus huet eist Liewe geännert, huet eis Welt op d'Kopp gestallt, a wat bis dohinner richtig a wouer war, ka sech elo als falsch erausstellen. A wollt am Ufank just den Etienne säi Liewen zeréck, esou wëlle mer et elo all zeréck. Et soll nees esou sinn, wéi virdrun: mat Vakanze-Fliger a Croisières-Schëff d'Klima retten a mam SUV op den Après-Ski. Et war jo och esou schéin!

E puer Verwinnten drécken sech vir, esou wéi et bei diene Verwinnten nach ëmmer war, gi virun all dienen anere geimpft a fannen dat um Enn och nach ganz normal, mir aner stinn an der Rei a mussen waarden, a fannen dat net normal. Bei Viagra hu mir vollst Vertrauen, „Totgeglaubte leben länger“, beim Vaccin zécke mer, och wann de Produzent die selwechten ass, iewer kee Mënsch freet, wat esou Muertentréppeler an Tëntesëffer wéi de Loulou an de Würth an engem Verwaltungsrot verluer hunn.

Wéi mir sie am néidegste gebraucht hätten, gi si léiwer ongeneemegt an onerwünscht Interviewen am Paris- Match. Eist aller Monica mobbt sech derduerch, wann et anescht net weiderkënnst a bréngt d'DP an d'Laberenten, me dat schlémmst ass, datt et kee Lëtzebuurger Cremant méi bei der Luxair gëtt.

Wat Zäiten net nach!